ALZENGER OKTOBERFEST

1.Strof:
De Speck dee quetschen ech an d'Liederbexi ran
Well a mäi Dirnd'l passen ech net méi dran
Den Hittchen un an de Gamsbaart gekämmt
Gëtt lo gläich deen éischte Krou gestemmt

Refrain:
Um Alzenger Oktoberfest do halen ech mech um Béier fest
A fält mäi Maass mol ëm, t gëtt een neien t ass net schlëmm

2.Strof:
Den Ëmzuch man ech dest Joer net méi matt
Well no 100 Meter ass mäin Akku platt
Ech hocke mech léiwer an d'Zelt bei de Krunn
A strécke mir gemelleg dann eng un

Refrain:
Um Alzenger Oktoberfest do halen ech mech um Béier fest
A fält mäi Maass mol ëm, t gëtt een neien t ass net schlëmm

3.Strof:
Jo hei zu Alzeng drénkt deen een deem aneren zou
Gedanzt a geschunkelt gëtt hei souwisou
Ein Prosit, de Kouer dee séngt
Dass d'Sonn an den Häezer am Uelzechtdall schéngt

Refrain:
Um Alzenger Oktoberfest do halen ech mech um Béier fest
A fält mäi Maass mol ëm, t gëtt een neien t ass net schlëmm

Bréck:
Ass dat lescht Faass da geplëmmt, dat mécht dach näischt mir kommen d'nächst Joer erëm

Refrain:
Um Alzenger Oktoberfest do halen ech mech um Béier fest
A fält mäi Maass mol ëm, t gëtt een neien t ass net schlëmm